N°4463
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlechen Déngscht & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Nieft dem traditionelle Lëtzebuerger Schoulsystem ginn ëmmer méi ëffentlech international Schoulen opgemaach, souwuel am Primaire wéi och am Secondaire. Hei soll et esou sinn, dass d'Gehälter an d'Aarbechtskonditioune vum Léierpersonal sech vun deene vum traditionelle Schoulsystem ënnerscheeden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Minister Statistiken an enger Tabell opléschten (Minimum, Maximum, Moyenne a Mediane), wéi héich d'Bruttogehälter (inclus Primmen an aner finanziell Avantagen) sinn, fir:
    1. Enseignanten am Fondamental,
    2. Enseignanten am Primaire vun enger ëffentlech internationaler Schoul (Europaschoul),
    3. Proffen am Lëtzebuerger Lycée,
    4. Proffen am europäesche Secondaire?

2. Wéi erkläert de Minister eventuell Ënnerscheeder bei der Remuneratioun tëschent dëse Kategorien?

3. Gesäit de Minister duerch dës Ënnerscheeder e Risiko fir d'Attraktivitéit vum Beruff am Lëtzebuerger Fondamental oder am klassesche Lycée?

4. Wéi vill Prozent vum Personal an de verschiddenen Europaschoulen hunn de Fonctionnairesstatut a wéi huet sech dës Zuel zënter 2020 entwéckelt?
   Wéi huet sech de Gesamtprozentsaz vun de Fonctionnairë beim Léierpersonal zënter 2020

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

entwéckelt?

5. Wéi eng Moossnahmen si geplangt, fir eng Konkurrenzsituatioun tëschent de Schoulmodeller ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten